

Argumentaire vum Jury fir

D'Lauréate vun den éischte Lëtzebuerger Theaterpräisser 2021

1. **Nowuesstalent : Catherine Elsen**

Wann een dovunner ausgeet, dass d'Form vun der Performance zu Lëtzebuerg nach an de Kannerschung stécht, ass d'Catherine Elsen a villen Hisiichten e Fänomen : nett nëmme schafft hatt performativ, mais och multidisciplinaire : an dat a Personalunioun. Hatt erfënnt seng Stécker a Rollen, déi et sengt, danzt a spillt – alles an engems a mat enger grousser Präsenz an Intensitéit op der Bün. De Jury wollt dëser jonker Kënschtlerin hire Courage an hiren Engagement, mais och hiren Humor an hier Capacitéit, op hier Zäit an hier Kollegen a Kolleginnen ze lauschteren, als Nowuestalent éieren.

2. **Hannert der Bün : Anouk Schiltz : Bün a Kostümer**

D'Anouk Schiltz ass eng immens villsäiteg Kënschtlerin, déi souwuel op enger grousser Bün a mat ville Moyenen, wéi bei *The Hothouse*, wéi och op méi klenger Projeten, wéi de *Poisson belge*, ka schaffen a sech upasst. Hatt verléisst sech op den Text, et geet him ëmmer drëm, d'Esthetik ze optiméieren, ouni ze vergiessen, dass déi Décoren och musse kenne bespillt ginn. D'Anouk Schiltz huet eng ganz pragmatesch Approche a leet och mol selwer matt Hand un – an déi déi scho mat him geschafft hunn, wëssen dass et och seng Meenung seet a verteidegt, och wa se onkammoud ass – nëmme fir dass dono déi Ästhetik erauskënnt, déi bei d'Stéck passt op deem et schafft.

3. **Op der Bün : Marie Jung a François Camus fir hier Aarbecht als Duo op *La Peste***

D'Marie Jung an de François Camus ginn als Duo geéiert, fir hiert Zesummespill a Rollen, déi sie mam Dramaturg Florian Hirsch a mam Metteur en scène Frank Hoffmann am intensive Prouweprozess entstoe gelooss hunn – d'Marie Jung als Fra an der Roll vum Docteur Rieux, de François Camus an e sëllegen anere Rollen aus dem Roman. Hir Complicitéit op der Bün symboliséiert ganz schéin d'Essenz vum Spill: openee lauschteren, openeen agoen. Et ass dem Jury och wichteg, dass de François Camus mat belount gëtt, fir och se feieren, dass d'Lëtzebuerger Bühnen oppe sinn, dass do och nett-Lëtzebuerger matspillen an dësen Austausch d'Szenen beräichert.

4. **Nationalen Theaterpräiss : Frank Feitler, Dramaturg, Metteur en scène, Theaterdirekter e.r.**

Den "Nationalen Theaterpräiss" belount e Lieweswierk an e Mérite fir d'Entwécklung vun der nationaler Theaterszenen. De Frank Feitler huet Béides: fir d'éischt e Lieweswierk – als Dramaturg (ënner anerem vun Texter vum Heiner Müller) deen an den 80er-Joerën bei deeër Generatioun war, déi de Sprong an d'Ausland gewot huet. Hien huet fir d'éischt zu Basel geschafft, dono op sou muncher däitscher Bün. Dono huet hie vill am Lëtzebuerger Theater, mais och am Kino un Texter geschafft, ier en 2001 Direkter vum Groussen Theater gouf. D'Haus war deemools am Ëmbau, an hien huet och d'Programmation radikal "ëmgebaut", e richteg "Quantesprong" hikritt: en huet déi beschten Haiser an der Oper, dem Danz an dem Theater op Lëtzebuerg bruecht – Grouss Nimm, déi eis haut selbstverständlech schéngen.

Mais hien huet och d'Lëtzebuerger Créatioun nett vergiess, huet Lëtzebuerger Schauspiller a Schaupillerinnen, Regisseuren a Regisseurinnen begleet, hinnen och emol de Fouss an de Suedel gesat fir se an d'Ausland ze bréngen. De Frank Feitler, dee selwer e ganz bescheidene Mensch ass, ass en Equipespiller, dee sech als "Primus inter pares" definéiert huet. Mais hien erwaart och vill vum Theater: nett onbedengt, dass en d'Welt verännert, mais op d'mannst, dass en eis, déi e maachen an déi e kucke kommen, déi eis domat ausenaner setzen, verännert.
